103,6 – 100.3 Réfractaires - Evadés

# Diddeleng a schwé'rer Zeit

## D'Geschicht vun der lëtzebuerger Jugend am 2te Weltkrich.

An ouse vergangene Sendungen hu mir oft vun Zwangsrekrutéi'erte geschwat dei sech dem preiseschen Zougreff entzé'e konnten. Et gett och leieriwer emmer eng Zuel genannt an se léicht: em 3.500 Medercher a Jongen konnte sech verstoppen oder bei d'Allieiert iwer lafen.

Hei zou kenne sech jénger Personnen oder jénger Générationnen emmer ereisen zwou Froe stellen:

1tens: Firwat ass dei Zuel net genau bekannt a gett préis gesot an

2tens: Hätte sech net kenne mé Medercher a Jongen lanscht d'Zwangsrekrutéierung drécken.

Et mirst é bal dei 2 Froen zesumme beäntwerten oder fir se an de richtege Kontext ze stellen emol dei deemoleg Situatioun an Erënnerung ruffen.

Lëtzebuerg war den 10te Mee vun de Preisen iwerfall gin, an dest trotz den widderholten Zousicherungen vu Berlin aus, d'Neutralitéit an d'Onofhängegkeet vum Grossherzogtum ze respektéi'eren. D'Militärverwaltung dei gleich den 10te Mee agesat gouw gouf schon Enn 1940 duerch eng Zivilverwaltung ersat. Un der Spëtz de Gauleiter Gustav Simon aus dem Gau Moselland.

Dem Simon seng Aufgab war et: "Lëtzebuerg heim ins Reich ze féren".

Am Ufank hat hien fest gegleeft dat wär net all ze schwéier an d'Lëtzebuerger géwen no an no sech der "Neuordnung" fügen. Dofir kann é wen eiers dei écht entspriechend Propaganda éckter douce a mat schéine Wierder gefo'ert gouf.

Awer d'Lëtzebuerger, ~~an~~ oder zu mindestens dei meescht sin net op des Liegeparolen era gefall. Au contraire: et huet sech gleich e Widderstand géngt des Abnitten formé'iert: Resistenz Organisatiounen sin entstanen an am allgeméngen hun d'Lëtzebuerger de Preisen de Kal Scheller gewiesen.

Dest huet natierlech dem Gauleiter, ~~an~~ senge Konsorten an Gauleefer absolut net gefall an lues a lues ass aus de gudde Wierder, Krock a Muss entstanen. Z.B. Wann eng däitsch ~~Formen~~ politesch Formatioun mam Hackenkreiz Fändel un der Spëtz huet de Passant misse stoe bleiwen an mat Heil Hitler grëssen oder d'Kap ofdoen. "Mat "Heil Hitler" grëssen huet geheescht de rietsen Arm an d'Luucht hiewen an ausstrecken. Ass dat net geschitt, waren an dese ~~Fa~~ Formatiounen Klepper "Skinheads" géif se haut genannt gin, déi op de Passant lass gesprongen sin, en ugetläert hun, datt Arm an ~~La~~ d'Luucht geraffl hun oder d'Kap vum Kapp geschloen.

Wann eng ~~Owend~~ Versammlung ugesot war, ZB ennert dem Virwand vun engem "Hermann Löns" Owend awer mat politescher Erennerung, stung op der Invitatioun "erscheinen ist Pflicht". Ähnlech war et och bei aner Versammlungen oder Manifestatiounen wou den Interesséierte Kreess, op der Arbecht, um Büro oder am Quartier einfach gezwonge gouf ze partizipéieren. Eso ~~sin~~ hu sech och d'Reie vun der VdB, dat huet "Volksdeutsche Bewegung" geheescht, lues a lues erweitert, well d'Lëtzebuerger einfach hir Rou wollten hun awer am Kapp a mat der Faust an der Tesch net mat d'accord waren.

Et géif de Kader vun dëser Emissioun spréngen wa mir géiwen méi an Détailler vun all dësen Aktiounen agoen, mä wéi de Gauleiter no 2 Joer agesin huet dass hien d'Lëtzebuerger net fir seng Cause kent gewannen huet hien ~~zu engem~~ net virun engem pumenschlechen Verbriechen zréck geschréckt. Den 30. August 1942 huet hien den perséinlechen obligatoresche Militärdingscht fir d'Lëtzebuerger Jongen agefouert. Heimatdichte wollt hien 2 Mécken mat engem Schlag fänken. 1en: d'Durch d'Anzée vun 4 Joergäng, fir unzefänken, d'Reie vun perséinlechen Militär un der Fronten néi opzefëllen an 2tens de Widderstand vun Lëtzebuerg dén emmer méi grouss gi war an och duerch d'Jugend gedroe ~~war~~ gouf, duerch d'Verschleefen vun ~~der~~ Jugend eben ze briechen. D'Reaktioun vun de Lëtzebuerger op dest Verbriechen huet och net op sech warde gelooss a

schon dén aneren Dag ass de bekannte Generalstreik mat all sénge Folgen ausgebrach.
Loosse mir awer elo zou onsen 2 ugangsgestallte Froen zeréck kommen.
D'Zwangsrekrutéierung vun de Joergäng 1920 bis 1924 war also dékretéiert.
D'Musterungen sinn duerchgefouert ginn an den éischte Convoi vun den ~~F~~ e d f war den 18 Oktober 1942.
Natierlech huet sech och gläich mat der Zwangsrafiérung d'Fro gestallt: gés du oder gés du net!
Och dem Gauleiter a senge Consorten war des Froestellung bekannt, well ~~schon~~ aus dem obligatoreschen Arbeitsdienst wäre sch Lëtzebuerger ugangen an hate sech meeschtens an d'ubesetzt Frankräich ofgesat.
An dofir greift de Gauleiter zou éngem 2te Verbriechen: Hien mécht d'Elteren a d'Geschwëster haftbar fir den Aberuffenen. Hien dékretéiert den sogenannten "Sippenhaft". An aner Wierder huet dat geheescht: Wanns du d'Zwangsrekrutéierten dech duerch d'Baascht mechst huele mir eis Revanche un dénger Mamm, déngem Papp, Bruder a Schwester. ~~Da~~ gi sie verschleeft, ginn ëmgesiedelt, hiert d'Vermëge beschlagnahmt, kommen a Prisong a Kazett. An hei ass dei gross d'Gewessensfro an den Dilemme fir jidder e d f entstanen. Solls du dei Liewe retten an dech denger Famill ~~op~~ d'Spiel setzen. Wat dingt et dech wann nom d'Krich du nach flecht do bass awer kee mee vun dénger Famill oder krank a kreppel aus KZ geschloen. Et muss é sech des Situatioun emol virstellen an déi, déi deemoleg jonke Mensch vun 18 bis 20 Joer war, de Stellungsbefehl an der Hand, vu sengen Eltere flecht gedrängt, net ze goen an am Ënnergrond ze verschwannen, a flecht seng krank Mamm, Papp oder Geschwëster gesei a sech da musen entscheeden.
Et ~~kaum~~ war och nach eng aner Considératioun derbäi:
Bei d'Militär agezunn, koum vir d'éischt d'Ausbildung. Des huet 3 bis 4 Méint gedauert an ir d'Opstellen vun de Kompanien un d'Fronte geschoch, koum nach

Rekrut Congé. Dest wär dann de Moment gewiescht fir unzedrécken. Zemols de Krich och ëmmer méi dem Enn zou gaangen ass.
Ufangs huet dest och geklappt a munnechen Zwangsrekrutéierten huet och dese Wé agesschloen. Awer wé d'Situatioun un de Fronten fir d'Preisen ëmmer méi schlecht gouf, sin Enn 1943 a Ufanks 1944 d'Rekruten net méi an Deitschland ausgebild gin, munnech kummen direkt a Russland a wore schon oft no 2-3 Méint am Fronteneinsatz. ~~D'Rechnung~~ Déi gud geméngten Rechnung ass net méi opgaangen a munnechereen de fest geplangt hat unzedrécken, a sto flat seng Stoff hat kum net méi derzou!
Loste mer elo e puer Töhnt Musek machen, a versichen ons a Gedanken an des Situatioun eran ze dénken.

Mir hu viruer gesot, munchereen ass net méi un d'Undrecke kom. Eu aneut gesot d'Probleem wor 1tens d'Verstoppen hei am Land an 2tens iwert d'Grenz an de Maquis oder an d'Armée blanche an der Belsch ze kommen.
An engem klenge Land wéi Lëtzebuerg, wou bal ee Duerf un dat anert stéisst, kéng grouss an immens Bëscher sin, war et net einfach d'Stoppen ze fannen. An den Wirtschafte wore preisesch Polizei, Gestapo, Ortsgruppeleiter, Matleefer an och Veräder. Et hat é sech séier verroden oder ass verdächteg gin. D'Preisesch Polizei verstärkt duerch Militär hu Blitzaktiounen gestart e Quartier, Haus oder Bauerenhaff ëmstallt a vu Kapp bis Fuss oder vu Speicher bis Keller ëmgesicht. Oft war d'Chicksal gëerchteg, de Verstoppteren war net do, ass net fond gin oder gewarnt konnt sech retten. Awer och an aner Fäll gouf et kéng Rettung méi, an d'Verhaftung net nummen vum geflüchteten mä och vun den Awunner wor d'Folleg.
Och hei well mir net beschreiwen wat alles mat dese Verhafteten geschitt ass.
An trotz all dese Schwierigkeeten, vun der Verfleegung, der Betreiung an de Kranken net ze schwätzen, gett ugeholl dass der zirka 2500 hei am Land verstoppt waren

An dese Stoffen oder och Bunkere genannt, gleich dozou e puer Explikatiounen, sutzen teschend engem Refrakter an 122 Persounen, an desh war de Fall an der Galerie "Houdsbörch" bei Déferdang.

25 hate sech an der Mine "Eisekaul" bei Esch verkroch.

13 "op Heemërscht" bei Heiderscheid (Heischend)

12 a "Siwebaach bei Miedernach

11 an engem Holze Schäff net weit vu Boulaide eweech

11 an der Scheier ennert dem Hee zou Helleng, derenner och Diddelenger

6 am Kiercherturm am Paffendaal

2 am Pefeltoerchhaus zou Bëtebuerch derbäi och en Diddelenger.

Dest nëmme fir e puer Beispiller ze nennen

Am Buch "Les réfractaires dans les bunkers" vum Aimé Knepper sin eng 63 vun dese "Bunkere" beschriewen ohni, dann nous Auteur selwer, desh se net all sin. Enner "Bunker" ass dee mols eng Wërthen eng Stopp am Busch, ennert oder bei engem Fiels, verstane gin, wo e mé oder grosst Lach gegrowe war gin, dat e bessen agericht war a wo geschlof, giess a gelieut huet misse gin. Verschidde gouwen aus dér enger oder anerer Ursaach verroden, hu misse verlos gin oder net reechtzeteg an ech kum zum Drama vu Heregsch wou 5 junk Refraktären vun der verstärkter Gestapo an Dä a mat hierem Bunker an d'Luft gesprengt gouwen.

Op d' Schicksaal vun dénen circa 1000 déi et fertig bruecht haten d'Land ze verloossen an a Frankreich oder an der Belsch oder bis an d' alliéiert Arméen geland sin komme mir an enger nächster Sendung zeréck.

Elo awer ofschléissend, d'Fro déi ugangs gestellt war: firwat kéng genau Zuelen iwert des Refrachtairen an Evadé'en.

Mir hu jo gesot dass d'Preisen mat dénen empfindlechste Strofen, wei Erschéissen, Déportéieren Prisong a KZ gedreet an och ausgefouert hun. Et huet also alles am Maximum geheim misse gehale gin. Woh é manner wost, wann manner am Fall vun Verhaftung aus engem eraus ze quetsche war

De Krich war jo och net mat engem Schlag eriwwer an d'Refractairen kummen no an no heem, genau wei och dei aner e.d.f.

D'Situatioun vun der Exil Regierung wei sie nes heem kum, war och fir sie net dei rosechst ~~an~~ mir hate schon am Kader vun desen Emissiounen Gelegenheet fir dann um Rand ze erwähnen. D'Regierung oder e Staatskreeser, ass absolut ke Besoin gewiese gin fir des Personnen ze enregistréieren. A kén huet och bei sech selwer aus neh dru geduecht, dest irgendwo ze mellen. Jiddereen war fro nes doheem ze sin, d'Zwangsverschléfung mei oder wenneger gud iwwerstanen ze hun a versicht sech nes an engem normale Liewe zurecht ze fannen. Seng Studien virun ze ~~fuere~~ féieren, ~~oder~~ seng Léierzeit ferdeg ze machen oder eng Schaff ze fannen.

Och d'Ligue OJ, dei "pour les besoin de la cause" huet misse gegrënnt, huet mat voller Absicht kéen Ennerscheed gemat ob é nun sech kont der Zwangsanzéiung entzéien oder net. Member ass é gin wann én de Joergäng 1920 bis 1927 ugehéiert huet.

Och ons Sektioun vum O.J. Diddeleng huet ~~gar~~ kén Ennerscheed gemat a keng Catégorien ennerhalb der edf opgestallt. Allerdings an der ugeluechter Kartei, ~~an~~ dei haut am Musee am ale Pompjeeës Schaff ausgestallt ass, sin Indikatiounen ugedroen iwwert Krankheeten, Verletzungen an och Refraktäer, wo a wei.

Och an onser Sendung iwwert d'Miliz bei zu Diddeleng hu mir ~~iwwert~~ erklärt dass sie haaptsächlech aus Refraktairer zesummen gesat war, Ouni awer ~~gen~~ eng genau Zuel vun den Diddelenger Refraktären unzegin.

D'Zuell vun 3510 ass ~~genau~~ ziemlech oft um Enn vun de 40er Joeren genannt gin also am Läf vun de 5 Joer nom Enn Krich den 8 Mee 1945.

Et kann ee also unhuelen dass des Zuel dach awer mei oder wenneger genau ass.